

Présentation du programme électoral – Carole Thoma

„Wir beschließen etwas, stellen das dann in den Raum und warten einige Zeit ab, was passiert. Wenn es dann kein großes Geschrei gibt und keine Aufstände, weil die meisten gar nicht begreifen, was da beschlossen wurde, dann machen wir weiter - Schritt für Schritt, bis es kein Zurück mehr gibt.“

Kolleginnen a Kollegeen,

De Mann, deen déi Wieder virun 20 Joer gesot huet, ass haut – wann och net méi laang – Präsident vun der europäescher Kommissioun. Ech mengen, dass déi Ausso vum Jean-Claude Juncker zimlech gutt dat Gefill beschreiw, dat haut ganz vill Leit vis-à-vis vun der Europäescher Unioun verspieren: Do sëtzen eng Rei Leit op hieren Thréin, déi maache wat se wëllen, ouni déi Leit ze froen, déi mat de Konsequenze musse liewen. Ech wëll Ierch 3 Beispiller ginn:

D'Finanzkris vun 2008 ass virop entstanen duerch Spekulationen op ganz héichem Niveau. Wéi déi verschidde Blosen dono geplatzt sinn, si Milliounen Mënsche weltwäit an de Misère gefall. A wéi huet d'EU réagéiert? Amplatz deene Mënschen ze hëllef an déi Schëlleg zur Keess ze bieden, si vill Länner massiv ënner Drock gesat ginn, Austeritéitspolitik ze bedriewen a Milliarden u Steiergelder parallel u grouss Banken gefloss fir déi aus hieren eegene Scholden eraus ze kafen.

2013 woar déi éischt EU-Biergerinitiativ erfollegräich an huet eng Petitioun mat net manner wéi 1 Millioun 800 Dausend Ennerschrëften der Kommissioun virgeluet. Gefrot gouf, dass den Zougang zum Waasser als Mënscherecht sollt unerkannt ginn an d'EU sollt géint d'Privatiséierung vun Drénkwasser virgoen. Trotz deem groussen Erfolleg vun der Biergerinitiativ huet d'Kommissioun just eng vague Konsultatioun gemat, ma op eng konkret Gesetzgebung woarde mer och haut nach.

Méi wéi 3 Milliounen hu schlussendlech am Joer 2015 eng Petitioun géint TTIP ënnerschriwwen. Dono sinn Honnerte vun Dausende Mënschen an Europa op d'Strooss gaangen fir géint Fräihandelsaccorden wéi TTIP, CETA an TISA ze demonstréieren. Alleng hei zu Lëtzebuerg waren et der Dausenden. An awer ass CETA entgéint viller a gerechtfäerdger Kritik an entgéint dem Wëlle vu ganz villen Europäer schlussendlech ënnerschriwwen ginn. An och den TTIP soll elo nees duerch déi eng oder aner Hannerdier awer nach kommen.

Wat hunn déi 3 Beispiller gemeinsam? All Kéier gouf wëssentlech a wëllentlech géint de Wëllen an den Interessi vun der grousser Majoritéit vun den Europäer gehandelt. An all Kéier woar et zum Virdeel vun deene Räichen, vun de groussen Banken, déi mat Sue speukléieren, déi hinnen net gehéieren a vu Multinationalen, fir déi de Profit iwwer alles geet.

Mä esou kann et net méi weider goen. Europa stécht mëttlerweil an 2 ganz grave Krisen. An do komme mer net méi eraus, wa mer esou weider fuere wéi bis elo a wann d'Intérêten vun e puer Eenzelner iwwer d'Intérêten vun der grousser Majoritéit gesat ginn.

Déi éischt Kris ass déi ekologesch Kris. Hei ass et net 5 vir 12 mä Punkt 12 Auer. Schon haut leide vill vun den äermste Mënschen op der Welt ënner dem Klimawandel. D'Länner an der europäescher Unioun gehéieren zu deene mat der gréisster Responsabilitéit – souwuel historescher, wéi och finanzieller Natur – fir deem entgéint ze wierken. Däer hutt et wahrscheinlech matkritt: Den earth overshoot day fir Lëtzebuerg woar schon de 19. Februar dest Joer. Mäer liewen also scho säit bal 4 Wochen an nach de ganze Rescht vum Joer 2019 op Käschte vu méi oarme Länner a vun den nächste Generatiounen.

Déi zweet massiv Kris virun däer mer stinn, ass déi sozial. Entgéint deem, wat mer oft vu politesch Verantwortlechen erzielt kréien, ass et net esou, dass et de Leit ëmmer besser geet. Am Géigendeel, déi sozial Inégalitëten ginn ëmmer méi grouss, dat heecht d'Schéier tëscht Aarm a Räich geet ëmmer méi wäit auserneen. Virun 2 Méint gouf déi nei Oxfam-Etude verëffentlecht an déi Zuelen sinn erschreckend: Am leschte Joer ass d'Verméigen vun de Milliardären em 12% geklommen. Am Géigesatz dozou ass d'Verméige vun der äermster Hallschent vun der Weltbevëlkerung em 11% erof gaangen. Déi 8 räichste

Männer besetzen an der Tëschenzäit esou vill wéi déi äermst Hallschent vun der Weltbevölkerung. Gläichzäiteg hunn ëmmer méi Leit zu Lëtzebuerg an an Europa Schwieeregkeeten, iwwer d'Ronnen ze kommen an dezent, also mënschewierdeg, ze liewen.

Kolleginnen a Kollegeen,

Déi 2 Krisen, déi sozial an déi ekologesch sinn net alleng Krisen vun der europäescher Unioun mä vu groussen Deeler, wann net souguer vum ganze Planéit. Ma d'EU huet awer souwuel d'Méiglechkeeten, wéi och d'Flicht, sech deenen an och anere Krisen unzehuelen. An genau do fängt eise Wahlprogramm un.

Eise Programm ass an zwou grouss Parteien opgedeelt. Déi éischt beschäftigt sech mat deenen zwou gravéierende Krisen, vun deenen ech elo geschwat hunn. Villäicht woar der iwwerrascht, dass mer net mat der sozialer Kris ufänken, mä mat der ekologescher. Dat heecht kengesfalls, dass mer déi eng däer anerer wëllen ënneruerdnen. Ganz am Géigendeel. Fir eis als Lénk ass et ganz kloer, dass déi sozial an déi ekologesch Fro matenee verbonne sinn, et sinn 2 Säite vun der selweschter Médaille a se kënnen nëmme gemeinsam ugaange ginn.

De Grond, firwat mer eis als éischt mat der ekologescher Transitioun beschäftegen, läit doran, dass déi Kris imminent ass. An ëmmer méi Leit ginn sech deser Gefor bewosst, änneren hieren eegene Liewensstil mä erwaarden sech awer och a virun allem Äntwerten vun der Politik. D'Beweejung Fridays for future, bei der Schülerinnen a Schüler all Freideg nom Virbild vum Greta Thunberg fir en Emdenken an der Klimapolitik streike ginn weist, wéi wichteg déi Fro ass ma virun allem, dass et déi jonk Generatiounen sinn, déi Angscht em hier Zukunft hunn. Net méi spéit wéi virgëschter hu mer d'Ausmooss vun der Beweejung erliewt, wéi zu Lëtzebuerg Dausenden a weltwäit iwwer eng Millioun jonk Leit op der Strooss woaren fir fir hier Zukunft ze kämpfen.

Et ass onabdinglech, dass mer d'Objektiver vum Paräiser Ofkommes respektéieren an dofir muss d'EU déi Ziler, déi se sech selwer gesat huet, nach eng Kéier no uewe révidéieren. Dat, wat am Moment um Dësch läit wäert net duergoen, fir d'Erwärmung op 1.5° ze begrenzen. Mäer brauchen de Courage fir radikal Schrëtt ze goen, an dat heecht, dass bis 2050 eis Zäregaser em 95% reduzéiert musse ginn, soss bleiwe mer hannert deem zeréck, wat néideg ass fir de Klimawandel ze begrenzen. Et mussen sozial an ekologesch Critèren entwéckelt ginn, un déi Entrepreneuren sech ënnerhalb vun der europäescher Unioun mussen halen. Mäer wëllen d'Landwirtschaft emgestalten an esou gläichzäiteg revaloriséieren.

All déi Fuerderungen kënnen net aus dem Vakuum entstoen, mä musse vun enger breeder Masse vu Leit gedroe sinn. Et brauch en demokratesche Choix, wéi eng Instrumenter mer eis ginn, fir déi Ziler ze errechen, déi mer eis am Paräiser Ofkommes an doriwwer eraus gesat hunn. Nëmme esou kann déi néideg Transitioun erfollegräich sinn. A fir dass eng Majoritéit vun de Leit an Europa iwwerhaupt déi Méiglechkeet huet, sech hannert eng ekologesch Verännerung ze stellen, muss se als éischt emol selwer kënnen anstänneg liewen. D'europäesch Unioun däerf net méi just eng Handelsunioun sinn, mä muss zu enger sozialer Unioun ginn. Déi sozial Rechter vun de schaffende Leit, vun de kranke Leit, vun Aalen a Jonken, musse gestärkt ginn an de Sozialdumping ënnerhalb vun der europäescher Unioun muss definitiv verhënnert ginn.

Déi Lénk stinn fir eng schrëttweis Reduzéierung vun der Oarbechtszäit an der ganzer EU a fir en europäesche Mindestloun, deen natierlech un d'Realléin an deenen eenzelne Länner ugepasst ass. Mäer sinn déi eenzeg Partei, déi d'Fuerderung vum europäesche Gewerkschaftsbond wëll emsetzen, de Mindestloun op 60% vum Medianakomes festzeleeën, wat och hei zu Lëtzebuerg zu enger anstänneger Erhijung ging féieren. Mäer stinn awer och fir stoark öffentlech Servicer, zu deenen all Mënsch onageschränkten Zougang huet, Nëmme esou ass et da méiglech, jidderengem d'Recht ze garantéieren op Waasser, en dezente Logement, Edukatioun a vill aner onverzichtbar Servicer.

Mäer brauchen eng nei Wirtschaftspolitik, déi net méi op Austeritéit opgebaut ass, wat dozou féiert, dass öffentlech Servicer ofgebaut a privatiséiert ginn an dass Leit an d'Oarmut falen well de schlanke Staat net gemat ass, fir se ze ënnerstëtzen. Am Géigesatz dozou musse mer d'Länner an der europäescher Unioun

motivéieren, vill an hier ëffentlech Servicer ze investéieren an esou d'Well vu Privatiséierungen ze stoppen an emzekéieren. A mer mussen ophalen, esougenannten Fräihandelsaccorden ze schléissen, déi virun allem de Multinationalen erlaben, ouni Reegelen Profit ze maachen an esou déi sozial an ékologesch Standarden erofdrécken, a villen Deeler vun der Welt d'Mënscherechter verletzen an zu Oarmut a Migratioun féieren.

Kolleeginnen a Kolleegen,

All déi Investitiounen an ëffentlech Servicer an an déi dach sou néideg ékologesch Transitioun wäerten eppes kaschten. Mäer brauchen eng Emverdeelung vum Räichtum well och déi Räichst, déi oft hiere Profit um Réck vun de Leit an der Umwelt gemat hunn mussen hieren Deel dozou bäidroen, dass mer méi eng gerecht an ékologesch Gesellschaft ginn.

Dofir mussen d'Finanzmäert ënnerhalb vun der EU endlech anstänneg kontrolléiert ginn and'Entreprises – virun allem d'Multinationalen wéi Amazon, Facebook, Google, Ryanair a wöi se all heechen – mussen anstänneg besteiert ginn an hiere fairen Undeel bezuelen. Schlussendlech gëtt et Zäit, d'Steierkonkurrenz tëscht de Memberslänner vun der europäescher Unioun ze stoppen well déi Spiral no ënnen nëtzt kengem, ausser den Entreprises, déi doduerch Milliounen a Milliarden u Suen der Allgemengheet virenthalen, well se se net investéieren mä un hier Leit un der Spëtzt ausbezuelen.

An do ënnerscheede mer eis ganz kloer vun deenen anere Parteien an desem Walkampf. D'Mäerche vum grénge Wuesstum ass a bleiwt falsch. An d'LSAP ka sech nach sou vill Méih ginn, ze kommunizéieren, sie hätten de Message vu Fridays for future verstan. Sie hunn näicht verstan, soulaang se sech fir Datazentren an Exploitatioun vu Weltraumressourcen asetzen, soulaang se déi aktuell lëtzebuergesch an europäesch Wirtschafts- a Finanzpolitik net radikal a Fro stellen a soulaang se sech hannert Wieder wéi „realistesche“ verstoppen fir net schon haut mussen esou ze handeln, wéi et néideg ass.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech hu virdrun gesot, dass eise Wahlprogramm aus zwou Partie besteet an elo ganz laang iwver déi éischt geschwat, well se esou wichteg ass. Mä et ginn nach aner wichteg Froen, mat deene mer eis musse beschäftegen, wa mer gären en Europa vun de Leit hätten. Firwat ass déi europäesch Politik am Moment esou wäit ewech vun de Leit? Firwat ass et méiglech, Politik ze maachen op déi Manéier, déi de Jean-Claude Juncker a mengem Ufankszitat beschriwwen huet? Well d'EU am Moment net no demokratesche Prinzipie funktionnéiert. Et ass d'Exekutiv, also d'Kommissioun an de Conseil, déi de gréissten Pouvoir huet, obwuel se net direkt gewielt ass. Wa mer en Europa vun de Leit wëllen opbauen, da musse mer dat Gläichgewicht tëscht Exekutiv a Legislativ nees an d'Rei bréngen. Et brauch wéi muecht bei de Parlamenter, deenen nationalen, ma virun allem och dem europäeschen. Well dat sinn d'Verrieder vun de Wieler. A mer musse méi direkt Participatioun vun de Leit erméiglechen an dofir Reegele schafen, sou dass d'Kommissioun sech net méi kann laanscht de Wëlle vun de Leit schlängelen, wéi se et elo scho sou oft bewisen huet.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Als eent vun den Haaptargumenter vun de Verdeedeger vum Status Quo kritt een oft ze héieren, dass Europa säit der Grënnung vun der EU net méi am Krich woar. Dat stëmmt leider just zur Halschend. Et ass wouer, dass mer Lëtzebuurger eis säitdeem net méi matten an engem Krichsfeld eremfonnt hunn. Mä dass Europa kee Krich méi féiert ass falsch. Eng Rei europäesch Länner zielen zu de Weltmeeschteren wat Waffenexporter ugeet. An als Member vun der NATO si mer a ville Krichsgebieder am Asatz.

An déi sëllege Kricher kaschten net nëmme vill Suen, ma schafe virun allem vill Leed a Misère. Déi Lénk stinn fir e pazifistescht Europa a géint eng militäresch Oprëschtung. D'EU brauch net, wéi am Moment virgeschloen, eng zousätzlech a reng offensiv europäesch Arméi. Oprëschtungsspiralen féieren net zu méi Sécherheet ma provozéieren am Géigendeel aner grouss Muechten a maachen d'Welt esou méi onsécher. An der Tëschenzäit ass et esou wäit, dass duerch zousätzlech Investitiounen Lëtzebuerg demnächst méi Suen wäert an d'Militär stiechen, wéi an d'Entwécklungshëllef. An an der Chamber soll en neit Gesetz gestëmmt ginn, dat et erméiglecht, ouni internationalt Mandat an ouni demokratesch

Kontrollmechanismen, d'Armée an Asätz ze schécken. Amplaz eng aktiv Politik fir Fridden an Ofrëschtung ze maachen, sollen d'Militärausgaben zu engem militäresch-industrielle Komplex zu Lëtzebuerg féieren, ënnert der Verantwortung vu virun allem LSAP an déi Gréng. Domat sinn déi Lénk déi eenzeg, déi sech dogéint wieren, dass de Fridden dem Profit geaffert gëtt a fir e pazifistescht Lëtzebuerg an e friddlecht Europa astinn.

Schlussendlech wëll ech nach op ee leschte Punkt ze schwätze kommen. D'EU ass virun e puer Joer mam Friddensnobelpräiss ausgezeechent ginn, mä wann ee kuckt, wat op den Aussegrenze lass ass, dann ass deen définitiv net ëmmer verdingt. Mäer mussen eng Unioun vun de Mënscherechter bleiwen an dozou gehéiert och d'Verdeedegung vum Réfugiésstatut an d'Opposition vu forcéierten Déportatiounen a Länner wéi Afghanistan an Irak.

Amplaz mat aller Muecht ze verhënneren, dass Mënschen an Europa kommen fir hiert Recht op eng Asyldeemande wouerzehuelen, mussen mer eis endlech mol kloer maachen dass et oft d'Politik vun der Europäescher Unioun ass, déi d'Mënschen bei eis drängt. Duerch eis Fräihandelspolitik vun där nëmme grouss Multinationale verdingen, gëtt déi lokal Landwirtschaft a ville Länner futti gemat, d'Leit veroarmen a verhéngeeren. Duerch eis massiv Austéiss vun Zäregasen gëtt de Klimawandel bestärkt, wat schon haut zu Iwwerschwemmungen, Drëschtenten a Landschaften féiert, an deenen et net méi méiglech ass, ze iwwerliewen. A schlussendlech duerch eis Aussepolitik, déi oft op Profiter amplaz Pazifismus baséiert, flüchte vill Leit viru Kricher, un deenen d'Länner vun der EU net ëmmer ganz onschëlleg sinn. Eng sozial, ékologesch a friddlecht Unioun brauch kee Front-Ex.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Ech kann äerch elo scho soen, wéi d'Walkampagne während deene nächste Wochen a Méint wäert verlafen. Déi grouss Parteien wäerten erklären, dass d'Wielerinnen an d'Wieler de Choix hunn tëscht dem Status Quo an de Rietspopulisten, déi zeréck zu den Nationalstaate wëllen.

Eis Aufgab muss et sinn, deen Narrativ ze brieche. Well a Wierklechkeet profitéieren d'Rietspopulisten an all déi Parteien, déi sech an der berühmter politescher Mëtt wëllen sammelen, ee vun deem aneren. Déi eng hoffen, duerch d'Angscht virun deene Rietsen, hier Muecht ze behalen a weiderhin eng Politik ze maachen, vun der virun allem déi Räich, d'Banken an d'Multinationale profitéieren. Déi aner ginn ëmmer méi staark duerch deen Narrativ, et géif keng Alternativ ënnerhalb vun der EU ginn an duerch déi Arroganz vu Macron, Merkel a co, déi d'Problemer mat deene vill Leit all Dag a ganz Europa ze kämpfen hunn, iwwerhaupt net verstinn.

Et wäert un eis sinn, opzeweisen, dass et natierlech eng Alternativ gëtt zu der aktueller Politik. An zwar eng sozial, ékologesch, demokratesch a virun allem eng friddlecht Alternativ, vun der Leit an net de Multinationale. Keng vun deenen Erausforderungen, déi virun eis leien, ass alleng op nationalstaatlechem Niveau léisbar. Mäer brauchen eng europäesch Unioun, déi sech deene Krisen unhëllt an d'Leit op deem Wee mathëllt. Mëttelfristeg wäerten verschidden Traitéeën mussen a Fro gestallt a nei verhandelt ginn. Ma um Enn wäert eng besser, eng solidaresch Unioun stoen.

Kolleeginnen a Kolleegen,

Mäer wollte kee Brockhaus schreiwen, mä e kuerze Wahlprogramm, dee selbstverständlech net erschöpfend ass, mä dee kloer op de Punkt bréngt, wat an eisen Aan am Moment falsch leeft an der europäescher Unioun a wéi et muss verbessert ginn. Mäer hu konkret Virschléi, vun deene mer iwwerzeegt sinn, dass se d'Liewe vun der Leit hei zu Lëtzebuerg, an der europäescher Unioun ma och ausserhalb dovun, wäerte verbessern. Dat hei ass e Wahlprogramm, deen op manner wéi 25 Säiten op de Punkt bréngt, fir wat fir eng Europapolitik mär stinn an domat gi mer an d'Wahlen. Mäer si prett, e Verrieder an d'Europaparlament ze schécken, deen mat deem Wahlprogramm eng Uleedung kritt fir de Kampf géint déi Superräich a géint d'Multinationale. E Vertreider, deen eppes wäert verdeedegen: Eist Liewen. Net hier Profitter.